

Babysitter – Intensiv – Formation

17. Juli bis 21. Juli 2017

Organiséiert vum Schäfferot an dem Service à l'Égalité des chances entre femmes et hommes a Kooperatioun mat der Jugendkommissioun vun der Gemeng Suessem



Service à l'Égalité des chances entre
femmes et hommes
Commune de Sanem



Commune de Sanem

Mat ganzem Häerz ... Babysitter sinn!

- Du këmmers dech gären ëm Kanner
- Du kéints dir villäicht virstellen Educateur oder Educatrice ze ginn?
- Du géifst gären als Babysitter schaffen an dech dobäi wuel a sécher spieren?

D'Gemeng Suessem bitt dir eng Méiglechkeet fir un engem Intensiv-Cours deel ze huelen. Hei kanns du duerch deng **aktiv** Participatioun vill **Informatiounen** kréien, déi fir deng Zukunft als Babysitter wichteg sinn.

Eng **praktesch-orientéiert** Formatioun, déi dir hëllef mat denger **Responsabilitéit** als Babysitter ëmzegoen.

Du wärts engagéiert a mat Spaass deel huelen, an herno kanns du mat Recht soen:



"Ech sinn en Top-Babysitter."



... fir wat eng Babysitter-Intensiv-Formatioun?

D'Gemeng Suessem engagéiert sech fir **méi Chancëgläichheet**. An dësem Kontext läit eis **Qualitéit** besonnesch um Häerz. Eis Formatioun gëtt vu **professionnelle** Formateure/Formatrice gehalen: Diplom-Psycholog/innen, Pädagog/innen, Infirmiëren an Educateuren/Educatrices. Mir wëllen och dozou bäidroen, dass nach **méi Jongen am socio-educative Beräich** an Zukunft wäerte schaffen.

Wat erwaart dech?

- **Kommunikatioun & Erziehungsstiler:** Wéi ginn ech respektvoll mat engem Kand ëm?
- **Basiswëssen iwwer d'Entwécklung vum Kand:** Entwécklungspsychologie
- **Cool Spiller & Aktivitéiten:** Praktesch Exercicen aus de Beräicher Bastelen, Sengen a Liese mat Kanner. Special: **Alternativen zu traditionelle Spiller, z.B. "jouer sans jouets"**
- Eng éischt **Introductioun** an **d'Éischt Hëllef:** Wourop muss ech oppassen?
- **Hygiène & Soins vum Puppelchen:** Wéi wéckelen oder droen ech e Puppelchen? Wéi ginn ech dem Puppelchen z'iessen?
- **D'Rechter vum Kand**
- **Visite vun der Maison Relais:** Wéi funktionnéiere Betreuungsstrukturen an der Praxis?
- **Planifikatioun a Presentatioun vun enger Seance Babysitting**
- **Feedback/Qualitéitskontroll:** Wat huet dës Formatioun dir bruecht?

Mat ganzem Häerz ... Babysitter sinn!



Auerzäiten / Timing:

- Méindes, de 17. Juli bis Freides, den 21. Juli 2017 (17./18./19./20./21.07.17) von 9:00 bis 17:00 Auer (Mëttespaus: 12.30 bis 14.00 Auer)

Viraussetzunge fir de Certificat ze kréien:

- 100% Präsenz (= 32,5 Stonnen) an aktiv Participatioun un all Cours
- Op Basis vun dengem neie Wësse schaffs du selwer eng Aktivitéit aus, déi um Enn vun der Formatioun vun dir kuerz virgestallt gëtt

Maximal Zuel vu Participanten:

- Déi éischt 18 Umeldunge gi geholl. Weider Umeldunge ginn op eng Waardelëscht gesat.

Remise des certificats:

- Dëschdes, de 25.07.2017 um 17.00 Auer an der Maison "A Gadder", 10 rue de France zu Bieles, L-4477 Belvaux

Viraussetzunge fir sech unzemellen:

- Du hues op d'mannst 15 Joer an net méi wéi 26 Joer
- Du wunns an der Gemeng Suessem
- Du schwätzt a verstees Lëtzebuergesch

Uert: Kultur- a Geschichtshaus "A Gadder", 10 rue de France zu Bieles, L-4477 Belvaux

Nach Froen:

Wanns du dech umelle wëlls oder nach Froen hues: ruth.marchewka@sanem.lu
Tel. 59 30 75 – 648

De tout coeur ... être babysitter!

- Tu aimes t'occuper des enfants?
- Tu envisages devenir éducatrice/éducateur?
- Tu n'as pas d'idée concrète, mais tu veux travailler comme **babysitter** et te sentir à l'aise?

La Commune de Sanem t'offre la possibilité de participer à un cours intensif. La participation **active** à ce cours te permet d'obtenir des tas **d'informations** importantes pour ton avenir en tant que babysitter.

Une formation **pratique** qui t'aide à **gérer** ta **responsabilité** comme babysitter.

Tu participeras avec engagement et joie pour pouvoir prétendre de haute voix:



«Je suis un super babysitter!»

... pourquoi une formation intensive de babysitting?

La commune de Sanem s'engage pour **plus d'égalité de chance** entre femmes et hommes. Dans ce contexte, la **qualité** nous tient particulièrement à cœur. Notre formation est tenue par des **professionnels** de la petite enfance, à savoir des psychologues, pédagogues, infirmières/ infirmiers, éducatrices/éducateurs, etc. Nous aimerions également contribuer à ce que les **garçons** s'engagent davantage **dans le domaine socio-éducatif**.

Qu'est-ce qui t'attend ?

- **Communication & styles d'éducation:** Comment est-ce que je traite un enfant d'une manière respectueuse?
- **Développement de l'enfant** – connaissances de base
- **Jeux & activités:** Techniques de loisirs – activités musicales avec des petits enfants, bricolage, production de marionnettes. Plaisir en lisant des livres pour enfants. Special: **Alternatives aux jeux «traditionnels»:** jouer sans jouets
- **Introduction aux premiers secours:** A quoi faut-il faire attention?
- **Soins du bébé/ Notions d'hygiène et d'alimentation / Maladies infantiles:** Comment changer les couches? Comment porter un enfant? Comment donner à manger?
- **Les droits de l'enfant**
- **Visite de la Maison Relais** et introduction au métier d'éducateur/ d'éducatrice
- **Planification et présentation d'une séance de babysitting**
- **Feedback/Contrôle de qualité:** Qu'est-ce que la formation t'a apporté?

De tout coeur ... être babysitter !



Horaire:

- **Lundi le 17 juillet jusqu'au vendredi le 21 juillet 2016 (17./18./19./20./21.07.)**
de 9.00 à 17.00 hrs (pause de midi: 12.30-14.00 hrs)

Requis pour obtenir le certificat :

- **100% de présence ainsi qu'une participation active**
- Sur base de tes nouvelles connaissances **tu élabores une activité** que tu présenteras brièvement à la fin de la formation.

Nombre maximal de participant(e)s:

- Les premières **18 inscriptions** seront acceptées. Les autres seront mises sur une liste d'attente.

Remise des certificats:

- **Mardi le 25 juillet 2017 à 17.00 heures**
à la Maison "A Gadder" 10, rue de France, L-4477 Belvaux

Conditions à remplir avant l'inscription:

- **>15 ans et <26 ans**
- Tu es habitant-e de la **Commune de Sanem**
- Tu parles et comprends la langue **luxembourgeoise**

Où: La formation aura lieu à la Maison "A Gadder", 10, rue de France, L-4477 Belvaux

Pour une inscription ou tout renseignement supplémentaire:

veuillez contacter le Service à l'égalité des chances entre femmes et hommes de la **Commune de Sanem/ Ruth Marchewka**, Chargée à l'égalité des chances entre femmes et hommes au **59 30 75-648** ou par courriel (ruth.marchewka@sanem.lu).





Service à l'Égalité des chances entre
femmes et hommes
Commune de Sanem



Commune de Sanem